

ze verhënneren, dass do éiweg Diskussioun-ne sinn. Duerfir fannen ech dat Objektiv vum Gesetz hei, wat mer domadder erfëllt hunn - dee Ministère, deen eppes organiséiert, dee bezilt et -, nëmme richteg. An ech denken, dass dat am Sënn vun enger Réforme administrative ass, iwwer all aner Diskussiounen eraus.

Deen zweete Volet vun deem Gesetz, dat ass dann d'Cours d'orientation et d'initiation professionnelle ze preziséieren. Wat ass dat? Och do ass eigentlech laang disku-téiert ginn. Sinn dat Schüler oder sinn dat ei-gentlech Leit, déi am Chômage ageschriw-we sinn, an déi als jonk Chômeurë behan-delt ginn? Dat sinn eigentlech zwou ver-schidde Philosophien. Dat huet och mat sech bruecht, dass jiddfereen, dee sollt an e Cours goen am CNFPC oder an ähnlech Coursen, eigentlech obligéiert ginn ass sech beim Arbeitsamt als Demandeur d'em-ploi anzeschreiwen.

Do waren awer Leit - Jonker a manner Jon-ker - derbäi, déi eigentlech net onbedéngt Demandeurs d'emploi waren, mä déi woll-ten eng Formation maachen, fir sech bes-ser auszubilden, fir sech weiterzebuilden oder fir eng Formation ze kréien. Do ass mat Recht gesot ginn: Firwat mussen déi sech als Demandeur d'emploi aschreiwen, wa se net onbedéngt Demandeurs d'emploi sinn? Duerfir hu mer déi Saache getrennt a gesot: Déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, déi hunn net direkt den Accès zu engem Emploi als Finalitéit. Wann dat doraus erauskënnt, ass et gutt.

Also - an dat ass och eng wichteg Clarifica-tion, fir op dem Här Jaerling seng Fro ze äntweren - sinn dat Coursen, déi ënnert der Responsabilitéit vun der Education natio-nale organiséiert ginn. Déi gehéieren also zum formale Schoulsystem. Also sinn dat Schüler. Also ass och déi Fro gekläert, dass déi Kannergeld kréien, wa se an deenen dote Coursen ageschriwwe sinn; esou laang an ënnert de Konditioune wéi ee Kan-nergeld kritt selbstverständlech.

Well dat war ëmmer eng Diskussioun, wou gesot ginn ass: Majo, déi kréie jo keen Zerti-fikat vum formale Schoulsystem. Also si se keng Schüler. Also kréien se kee Kanner-geld. Mat dësem Gesetz ass also kloer, dass se Kannergeld kréien. An ech men-gen, dat ass och eng wichteg Clarificatioun fir déi Leit.

Vu dass dann déi Leit net méi onbedéngt als Demandeurs d'emploi ugesi ginn, kann et jo virkommen, dass se keng Indemnisa-tion kréien iwwert de Fonds pour l'Emploi. Ech sinn awer der Meenung, dass jiddfer-een zu Lëtzebuerg misst d'Recht hunn, fir sech kënne weiterzebuilden oder sech kën-nen auszubilden, Jonker a manner Jonker, an dass mer also an deem Fall e System vun Aidë missten ausschaffen, fir deenen ënnert den Aarm ze gräifen.

Dat heescht also elo, dass een net automa-tesch, well een an engem Cours ageschriw-ven ass, einfach eng Indemnitéit kritt. Mä Jonker ënner 18 Joer, déi also an enger Fa-mill opwuessen, déi net op Rouse gebett ass, déi kënnen eng Demande maachen, fir eng Ënnerstëtzung ze kréien. Sou wéi e Schüler aus enger Famille nécessiteuse kann eng Demande maache beim CPOS, fir eng Aide ze kréien, esou kënnen déi hei eng Demande maachen, an da kënnen se eng Hëllef kréien.

Dat ass bei de Mineure 25 Euro de Mount. Dat heescht, dat ginn 167 Euro. Dat ass elo net eng Hëllef fir ze liewen. Also et ass net en Ersatz oder genuch, fir ze liewen, mä et ass eng Ënnerstëtzung fir verschidden Dé-pensen. Dann hu mer d'Kategorie vun de Majeuren, mä ënner 25 Joer. Vu 25 Joer un, kann ee jo den RMG kréien; bis 25 net. D'Kategorie also vun de Majeuren tëschent 18 a 25, déi kënnen ënnert de Konditioune vum RMG eng Indemnitéit kréien, déi ka bis zu 882 Euro de Mount sinn. An dann hu mer déi iwwer 25 Joer, déi géifen ënnert d'Kon-ditioun vum RMG falen.

Wat mer och agefouert hunn - dat ass nei an dësem System -, dat ass eppes am Fall, wou e Jonken oder jiddfereen, deen an en-gem Cours vun Orientation et initiation pro-fessionnelles war, an deen duerno eng Léierplaz fonnt huet. D'Zil vun deene Cours-en ass et jo fir d'Leit entweder an de Lycée Technique zréckzebréngen, deemno op wéi engem Niveau se sinn - Huitième, Neuvième -, oder, nach besser, en an eng Léier eranze-bréngen. Also, wann déi d'Zil erreecht hunn, fir e Léiervertrag ze kréien, a si si sechs Méint dran, da kënnen se eng Prime kréien. Sou wéi d'Studenten eng Prime kréien, wa se den Exame packen, esou kréien déi hei eng Prime, wa se no sechs Méint nach an engem Contrat d'apprentissage sinn. Dat sinn d'Neierungen am Gesetz.

Da wéilt ech nach eppes soen: Dat ass kee grouse Worf, gëtt hei gesot. Och domad-

der sinn ech d'accord. Mir sinn amgaangen u grouse Projeten ze schaffen. Deen ee grouse Projet ass d'Reform vun der Forma-tion professionnelle, wou d'Gesetz dépo-séiert gëtt. En anere grouse Projet, wou mer amgaange sinn drun ze schaffen, ass d'Reform vum Gesetz vun 1912, wou ech hoffen, dass et an zwee Méint hei an d'Chamber wäert kommen.

Mä ech perséinlech gleewe jo net, dass e Gesetzestext ee Problem léist. E Gesetzes-text soll e Kader schafen, fir dass déi Leit, déi um Terrain sinn, d'Konditiounen hunn ënnert deenen se kënne schaffen. An d'Reform, mat där mer amgaange sinn, an déi mer alle-querte mussen droen, dat ass jo fir et jiddfer-engem hei zu Lëtzebuerg méiglech ze maa-chen zu där héchstméiglecher Qualifikatioun ze kommen, déi en erreeche kann.

An do geet et selbstverständlech scho bei deene ganz Klengen un, well wat mer méi Kanner duerch d'Primärschoul kréien, mat deene Kompetenzen, déi ee brauch, fir wei-derzustudéieren, wat mer manner Léisunge musse siche goen, fir hei eng zweet Chance anzebauen. Well déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, dat ass eng zweet Chance fir Leit, déi um éischte Wee net réusséiert hunn an der Schoul, eng Chance ze ginn, fir um zweete Wee awer zu enger Qualifikatioun ze kommen. A mäin Zil - an eist Zil alleguer, denken ech - ass et méiglechst mann Leit mussen an dës Struk-turen ze ginn, a méiglechst vill Leit an deem éischten Usaz duerch eise Schoulsystem ze bréngen.

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här Pre-sident, brauch ee ganz, ganz vill Rieder-cher, déi zesummen an déiselwecht Rich-tung dréinen. Dat hei ass e klengt Ried-chen. Ech si stolz, an ech soen lech vill-mools Merci, dass dee Projet hei de Mëtteg ka gestëmmt ginn.

Da wollt ech nach ee Wuert soen zu der Mo-tioun vun der Madame Brasseur, oder vun der DP, déi vun der Madame Brasseur dé-poséiert ginn ass. Déi invitéiert d'Regie-rung, mir sollen an de meilleurs délais e Pro-jet maachen, fir Infrastrukturen zu Ettelbréck fir de CNFPC, an Infrastrukture fir e CNFPC am Zentrum vum Land. Dat si jo Objektiver, wou ech denken, dass heibanne keen der-géint ass. Mir jäizen no Infrastrukturen. An d'Madame Brasseur, wann ech net wéisst, dass se awer fënnef Joer laang Educa-tionsministesch gewiescht wär, da géif ech mengen, si wär naïv,...

(Interruption)

...well ech kann elo e Projet de loi maachen a soen: Hei, elo baue mir e Centre de forma-tion professionnelle continue; mä ech hu keen Terrain, fir drop ze bauen.

Éischtens bauen ech net, mä ech schwät-zen hei am Numm vun der Regierung. Mir sinn amgaang zu Ettelbréck Pourparlere fir en Terrain ze kréien. Dat gesäit och gutt aus. Mir sinn och amgaang e Programm auszuschaffe fir e Centre de formation pro-fessionnelle hei am Zentrum. Ech kann awer net soen, dass ech dat an de meilleurs dé-lais maachen, well an de meilleurs délais kënne mir nëmmen e Projet heihinner brén-gen, wa mer e fäerdeg Terrain hunn, wou mer Propriétaire sinn.

(Interruption)

Dofir géif ech mengen, mir wäre realistesch genuch fir déi Motioun hei ënnert där Form do net unzehuelen.

Ech soe Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Mi-nister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi. D'Ofstëmme fänkt un.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5593 ass ugehall mat 50 Jo-Stëmmen, bei 10 Abstentionen a kenger Géigestëmm natierlech.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M.*

*Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

**Motion 1**

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi déi honorabel Madame Brasseur déposéiert huet. Ass de Vote électronique verlaangt, Madame Brasseur?

» Mme Anne Brasseur (DP).- Här President, wann ech d'Madame Minister richteg verstanen hunn, wier se d'accord mam Text, wann ee géif «dans les meilleurs délais» sträichen.

(Interruption)

Vu dass ech jo awer wëll, dass d'Chamber sech soll expriméieren, dass mer wierklech d'Regierung sollen invitéieren, d'Gebai vum CNFPC vun Ettelbréck ze améloréieren, auszebauen, well dat wierklech néideg ass, a vu dass mer och der Meenung sinn, dass mer mussen esou eng Infrastruktur am Zentrum vum Land kréien, ass mer wierk-lech dru geleeën, dass d'Chamber déi Mo-tioun hei stëmmt. An d'Madame Minister huet jo gesot, wann een «dans les meilleurs délais» géif sträichen, da kéint si se am Numm vun der Regierung unhuelen. Duerfir wier ech d'accord déi Termen ze sträichen, allerdéngs an der Hoffnung, dass awer déi Projeten elaboréiert ginn, well se si wichteg!

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Wat ass d'Haltung zu där modifizéierter Motioun?

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech hat net ge-sot, dass, wann «dans les meilleurs délais» gestrach wär, ech da géif d'Chamber op-fuerderen, fir déi Motioun ze stëmmen, Här President.

» Mme Anne Brasseur (DP).- An deem Fall froen ech de Vote électronique a selbstverständlech bleift «dans les meil-leurs délais» stoen, well mer awer fannen, dass et eng Urgence ass. Ech géif da bie-den, dass mer elektronesch sollen driwwer ofstëmmen, iwwert déi Versioun wéi d'DP-Fraktioun se eraginn huet.

» M. le Président.- De Vote fänkt un iwwert d'Motioun an hirer originaler Fassung.

**Vote**

D'Motioun vun der Madame Brasseur ass ofgelehnt: 38 Membere vun der Chamber hu sech dergéint ausgeschwat, 15 mat Jo a 7 Abstentionen.

*Ont voté oui: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.*

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat sinn Ännerungsvir-schlei vum Chamberreglement. Den hono-rabelen Här Gibéryen ass Rapporteur vun den Ännerungsvirschlei an hien huet elo d'Wuert.

### 3. 5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

**Rapport de la Commission du Règlement**

» M. Gast Gibéryen (ADR), *rapporteur*.- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a fënnef Sitzungen huet d'Com-mission du Règlement zéng Ännerunge res-pektiv Ergänzunge vun eisem Reglement diskutéiert an eestëmmeg ugehall.

Déi éischt Ännerung betrëfft den Artikel 15. Den aktuellen Artikel 15 huet virgesinn, dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques déi néideg Büroen an Installatiounen zur Verfügung stellt, esou wéi op d'Proportionalitéit berechent Fonctionnementskreditter. Des Weidere kruten d'Groupes politiques et techniques Kredit-ter, fir Personal ze beschäftegen.

Den neien Artikel 15 gesäit elo vir:

1. dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques an der Sensibi-lité politique, esou wéi et an der Praxis schonns ass, déi néideg Büroen an Installa-tiounen zur Verfügung stellt, esou wéi Fon-c tionnementskreditter, berechent op der Pro-portionalitéit;
2. dass d'Groupes politiques et techniques e Recht op Remboursementer fir Personal-kreditter hunn; an
3. dass de Büro ënner Konditiounen de Sen-sibilités politiques och e Remboursement fir Personalkreditter accordéiere kann.

Déi zweet Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 25-1. D'Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Organisation vum Service de Ren-seignement huet am Chapitre 5 de Contrôle parlementaire vum Service de Renseigne-ment agefouert. Am Artikel 14 gouf festge-halen, dass dëse Kontrollé duerch eng Commission de contrôle parlementaire, déi sech aus de Presidente vun de Groupes po-litiques zesummesetzt, duerchgefuert géif ginn an dass d'Regelen, wéi dës Kommis-sioun géif fonctionnéieren, am Chamberreg-lement géifen définéiert ginn.

D'Kontrollkommissioun iwwert de Service de Renseignement huet eng dem Gesetz entspreichend Proposition iwwert d'Rege-len, wéi dës Kommissioun fonctionnéiere soll, ausgeschafft. D'Reglementskommis-sioun huet sech dëse Propositionen uge-schloss a proposéiert am Artikel 25-1, dës Bestëmmungen als Annex 1 vun eisem Reglement festzehalen.

Déi drëtt Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 35 (7). Hei handelt et sech ëm den Temps de parole bei Resolutionen a Motiounen. Dir wësst, datt mer oft heibanne kontrovers diskutéiert hunn, ob een d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutiounen kéint mat der normaler Riedezäit vun en-gem Rapporteur, Interpellant, Auteur vun engem Débat oder engem soss ageschriw-wenen Auteur oder Regierungsmember kéint verbannen.

D'Reglementskommissioun proposéiert den Artikel 35 (7) duerch en zweeten Alinea ze ergänzen, dee preziséiert, dass d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutiounen net mat der Riedezäit vum Rapporteur, Interpellant, Au-teur vun engem Débat oder soss engem



ageschriwwene Spriecher oder Regie-rungs-member cumuléiert ka ginn.

Déi véiert Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 62-1. Hei handelt et sech ëm d'Kondi-tiounen ënnert deenen eng Proposition de loi, déi vun engem oder méi Deputéierten deponéiert ginn ass, kann zrëckgezu ginn.

Bis elo huet eist Reglement keng esou Pro-zedur virgesinn, wat oft zu Diskussiounen an onléisbare Problemer gefouert huet, dat besonnesch wann et sech ëm Propositione gehandelt huet vun Deputéierten, déi net méi Member vun dësem Haus sinn. Wann Der de Relevé vun de Propositions de loi kuckt, stellt Der fest, dass do nach Proposi-tiounen drop stinn, déi net nëmme vu fréie-ren Deputéierten, mä souguer vun Depu-téierten hierstamen, déi leider net méi lie-wen.

Den neien Artikel 62-1 hält elo fënnef Be-stëmmunge fest, ënnert deenen eng Propo-sition de loi kann zrëckgezu ginn:

1. Den Auteur vun enger Proposition de loi kann ëmmer seng Proposition de loi zrëck-zéien. D'Chamber gëtt heiriwwer infor-méiert.

2. E Groupe politique, technique oder eng Sensibilité politique huet d'Recht eng Pro-position de loi vun engem Deputéierten zrëckzezéien, deen net méi Member vun der Chamber ass, ënnert der Konditioun, dass dësen Deputéierten zum Zäitpunkt vum Dépôt vun der Proposition de loi Mem-ber vun där respektiver Grupp war. D'Cham-ber gëtt heiriwwer informéiert.

3. Wann den Auteur vun enger Proposition de loi net méi Member vun der Chamber ass a well seng Groupe politique, technique oder seng Sensibilité politique net méi be-steet, an där hie Member war zum Zäitpunkt vum Dépôt, esou kann d'Chamber op Pro-position vun der Presidentekonferenz déci-déieren, dës Proposition de loi vum Rôle ze sträichen.

4. Eng Proposition de loi kann nom éischte Vote constitutionnel net méi zrëckgezu ginn.

5. En aneren Deputéierte kann eng Proposi-tion de loi, déi zrëckgezu ginn ass, a sen-gem Numm iwwerhuelen.

Déi fënneft Ännerung betrëfft d'Procédure budgétaire. Am Kader vun den Diskussioun-en iwwer zukünfteg Investitiounsprojete beim Stat, a méi speziell iwwert d'Finanzéie-rung respektiv d'Anhale vun de virgesinne-nen a gestëmmtene Kreditter, huet de Presi-dent vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes der Reglements-kommission an engem Schrei-we vum 28. März 2006 eng Prozedur propo-séiert, déi an eist Reglement soll agebaut ginn.

Dës Prozedur, déi vum Service juridique vun der Chamber ausgeschafft ginn ass, gesäit vir, dass d'Regierung all Joer bis spéitstens den 30. Juni d'Chamber mat enger Lëscht saisiéiert, déi Projekte festhält, déi d'Regie-rung wëllt prioritär an deenen nächste Jore realiséieren; datt déi zoustänneg Kommis-sioun mat dëse Lëschte saisiéiert ginn an Avisé bei anere Kommissiounen kënnen an-zéien.

D'Rapportë vun den zoustännege Kommis-siounen gi bis spéitstens an der zweeter Hal-schent vum Oktober an enger öffentlecher Chamberssitzung virgestallt. D'Chamber hält dann an enger Motioun mat engem Ac-cord de principe déi nei Infrastrukturprojete fest, déi dann an d'Budgetsgesetz sollen ageschriwwe ginn, fir dass d'Regierung esou déi néideg Kreditter zur Verfügung ges-tallt kritt, fir kënnen Etüden ze engagéie-ren, déi néideg sinn, fir en Avant-projet som-maire ze erstellen.

All dës Bestëmmunge ginn an den neien Ar-tikele 94, 95, 96 a 97 festgehalten.

D'Fro, déi sech fir d'Kommissioun gestallt huet, war ob just d'Comexbu soll dëse Rap-port all Joer maachen oder ob och aner Kommissiounen esou e Rapport kéinte ma-chen.

Well dës Prozedur am Hierscht d'lescht Joer awer elo schonn seng Kéier duerchgezu ginn ass, a well do nieft der Comexbu och d'Transportkommissioun eng deementspriechend Motioun deponéiert hat, huet d'Reg-lementskommissioun d'Méiglechkeet zrëck-behalen, dass méi Kommissiounen e Rap-

port mat enger Motioun kéinten depo-néieren.

Déi sechst Ännerung betrëfft d'Kandidate-lëscht fir d'Mandat am Statsrot. De Presi-dent vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet an en-gem Schreiwes vum 8. Mäerz 2006 der Reglements-kommissioun eng aktualiséiert Prozedur proposéiert, déi muss ugewannt ginn, wann d'Chamber eng Lëscht vun dräi Kandidate fir e vakante Posten am Statsrot proposéiere muss. D'Kommissioun huet dës Propositionen iwwerholl a se an den Artike-len 117, 118, 119, 120 an 121 an eist Reg-lement agebonn. Um Prinzip selwer vun der Proposition vun dräi Kandidate gëtt näischt geännert.

Eng siwent Ännerung ass am Artikel 131.-2 iwwert de Médiateur, wou just d'Wierder „communiqué de presse“ duerch „avis offi-ciel“ ersat ginn.

Déi aacht Ännerung betrëfft déi Artikelen, déi sech mat der Demande d'arrestation vun engem Member vun der Chamber be-faassen. Opgrond vun der Revisioun vum Artikel 69 vun der Constitioun vum 1. Juni 2006, ass de Chapitre 13 vun eisem Regle-ment mam Intitulé «De la procédure d'exa-men des demandes en levée de l'immunité parlementaire» frësch geschriwwen ginn, vu dass an Zukunft d'Chamber nëmme méi iwwer Demandes d'arrestation vun engem De-putéierte befaasst ka ginn.

D'Reglements-kommissioun huet sech den Textpropositione vun der Commission des Institutions et de la Révision constitution-nelle ralliiert an déi am neie Chapitre 13 mam Intitulé «De la procédure d'examen des demandes d'arrestation d'un membre de la Chambre» festgehalten.

Déi néngt Ännerung betrëfft d'Prozedur, am Fall wou ee Véirel vun den Deputéierten eng Demande fir e Referendum mécht.

Den 12. Januar 2003 ass eng Revisioun vum Artikel 114 vun eiser Constitioun vir-geholl ginn. Laut dem neien Artikel 114, Ali-neä 3 vun der Constitioun iwwert d'Änne-rung vun der Verfassung, ass d'Méigle-keet geschaf ginn, dass bannent zwee Méint nom éischte Vote vun enger Verfas-sungsännerung hei an der Chamber e Refe-rendum iwwert dës Verfassungsännerung vun engem oder méi Deputéierte ka bean-traagt ginn.

Am Fall wou dës Demande vu mindestens engem Véirel vun den Deputéierte matge-droe gëtt, fënnt dann e Referendum statt, deen den zweete Vote constitutionnel er-setzt.

An engem neie Chapitre 15, ënnert den Arti-kelen 180 bis 186, ginn d'Modalitéiten iwwert d'Demande, d'Recevabilitéit an d'Pro-zedur festgehalten, déi d'Chamber hei muss anhalen.

Déi zéngt a lescht Ännerung, Här President, betrëfft d'Publication vum Chamberregle-ment am Mémorial.

Den Artikel 70 vun der Constitioun hält fest, dass «la Chambre détermine par son rè-glement le mode suivant lequel elle exerce ses attributions».

Dësen Artikel ass am Artikel 76 vun der Constitioun, déi dem Grand-Duc d'Recht gëtt «de régler l'organisation de son Gou-vernement». Laut der Jurisprudenz steet dran: «Les arrêtés y relatifs, basés sur ledit article 76 de la Constitution, sont des actes équipollents aux lois.» D'Reglements-kom-missiou ass der Iwwerzeegung, dass dës Gläichbehandlung och misst fir d'Chamber-reglement de Fall sinn. Si proposéiert duer-fir eist Reglement am Mémorial ze veröffent-lechen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kollee-gen, dat sinn déi Propositionen, déi d'Reg-lementskommissioun eestëmmege festge-halen huet, an d'Chamber invitéiert deenen zouzestëmmen. Ech wëll ofschléissend de Membere vun der Kommissioun Merci soen, souwéi deenen zwee Sekretäre vun der Kommissioun, dem Här Claude Frieseisen an dem Här Benoît Reiter, a gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun eisem Grupp bréngen.

» Plusieure voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. Här Wolter!

Discussion générale

» M. Michel Wolter (CSV). - Här Presi-dent, ech géif am Numm vun eisem Grupp och no deene ganz detailléierten Explika-tiounen vun eisem Rapporteur a President vun der Kommissioun, dem Här Gast Gibéryen, d'Zoustëmmung vun eiser Frak-tioun ginn. Ech wollt derbäifügen, datt ech den Här Gibéryen haut - wat jo net Usus ass - an enger ganz anerer Form kennegeleiert

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

hunn, wéi ech en als Deputéierte bis elo net kannt hunn, mat engem agréabelen Timber am Toun, wann hien e Rapport vun enger Kommissioun virbereet.

(Hilarité)

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Wolter. D'Madame Flesch.

» Mme Colette Flesch (DP). - Här Pre-sident, léif Kolleegen, et ass spéit an ech maachen et kuerz. Ech ginn och net weider op dat an, wat den Här Gibéryen elo hei ex-zellent virgedroen huet. Mir wäerten dee Projet stëmmen. Ech wollt awer déi eng oder déi aner Bemierkung maachen.

Sécher geet et hei ëm eng Proposition de modification, net ëm e Projet. A sécher geet et ëm d'Reglement vun der Chamber. Ech fannen et awer kuriéis, dass d'Regierung hei net vertrueden ass, well et sinn an deem Reglement eng Partie Saachen, déi d'Re-gierung interesséieren dierften, esou zum Beispill de Reglement iwwert d'Commission spéciale «Contrôle parlementaire du Ser-vice de Renseignement de l'État». Ech hat alt gemengt do hätt d'Regierung vläicht en Intérêt drun ze wëssen, wéi dat soll viru sech goen.

Zweetens, Här President, wann ech mech richtig erënnere, war an der Commission du Règlement, wéi mer déi Procédure de re-trait vun de Propositions de loi diskutéiert hunn, och gesot ginn, am Sënn vum Équili-bre des formes wär et nëtzlech, wa mer eng Prozedur hätten iwwert de Retrait des pro-jets de loi. Well dat, wat fir d'Propositions de loi gëllt, gëllt och fir d'Projets de loi. Mir hunn der nach um Rôle, déi ouni Weideres kéinten zrëckgezu ginn, an déi et net ginn aus verschiddenaartegen Ursaachen.

Et ass och un d'Regierung geschriwwen ginn. A mir hu vun der Regierung keng Äntwert kritt. Ech géing also drëm bieden, dass een d'Regierung drun erënnert, dass déi Fro u si gestallt ginn ass, an dass se soll do-zou Stellung huelen.

Da wëll ech eng drëtt a lescht Bemierkung maachen. Ech fannen et ganz gutt am Sënn vun der Transparenz, dass onse Reglement intérieur elo soll publizéiert ginn, an dass dann och dee Règlement intérieur vun der Commission spéciale «Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État» publizéiert gëtt. Bis elo woren dat Texter, déi der Öffentlechkeet net zougän-gew woren. Ech fannen et eng gutt Saach, wa mer dat elo maachen. Mir wäerten also selbstverständlech déi Proposition stëm-men.

» M. le Président. - Merci, Madame Flesch. Den Här Fayot huet nach d'Wuert gefrot.

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, mir maachen hei eng elementar parlamen-taresch Aktivitéit, wou mer am Fong geholl d'Regierung net onbedéngt derfir brau-chen. Dat heescht, mir organiséieren ons eegen Aarbechten, a verbessere déi Or-ganisatioun vun onsen Aarbechten. Beson-nesch och wat d'Kommissioun vum Con-trôle vum Service de Renseignement ugeet, ass eng Kompetenz, déi d'Chamber kritt huet duerch en zoustänneg Gesetz. Dat hu mer iwwerens scho virun enger längerer Zäit applizéiert, an ech mengen, d'Regie-rung weess scho laang doriwwer Be-scheed.

Ech wëll just soen, dass ech dem Här Gibéryen wëll Merci soen, als President an als Rapporteur vun där Kommissioun, fir déi Aarbecht, déi hien hei gemaach huet. Ech

wëll awer och d'Kolleegen alleguerten op-fuerdere, déi net an där Kommissioun sinn, fir sech dat Reglement gutt unzekucken, well e Reglement ass do, fir observéiert ze ginn. Ech hoffen, dass mer dat Reglement, wat eigentlech ëmmer méi komplizéiert a méi voluminéis gëtt, dann och alleguerten dominéieren.

Ech war selwer fënnef Joer an der Kom-missiou vum Reglement an engem méi grouse Parlement, wéi deem heiten. Ech weess, dass an engem Reglement och Froe vu Répartition des pouvoirs an engem Parlement dra sinn. An ech hoffen, dass mer mat dësem Reglement an Zukunft och nach gutt Aarbecht kënnen leeschten. E Reglement ass net eppes, wou ee kann driwwer ewechkucken; et muss een dat observéieren. An dat ass mäi Wonsch fir d'Zukunft.

Merci, Här President.

» Plusieure voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Här Fayot. Dann nach den Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Bon. Merci, Här President. Och dem Rapporteur Félicitatiounen fir säi Rapport. Ech mengen, wou hie Luef zegutt huet, do soll hien es och kréien.

(Hilarité)

Ech mengen, d'Diskussioun iwwert d'poli-tesch Sensibilitäten, déi huet sech elo net eréischt an dëser Legislaturperiod gestallt. Déi war scho virdrun an der Diskussioun. Wann Der lech kënt erënnere, hunn ech vun Ufank un drop agewierkt, dass do am Fong och all eenzelnen Deputéierte soll Ini-tiativrecht kréie fir en Dépôt vu Motiounen a soss aner Initiativen, déi elo net direkt eng gréisser Envergyure hunn. Dat heescht, et ass mer ëmmer drëm gaangen, dass all eenzelnen Deputéierte kann eng Motioun oder all Saachen deponéieren. D'Diskus-sioun fënnit jo souwisou ëmmer statt, ouni dass se fënnef Ënnerschrëfte brauch.

Ech sinn der Meenung, dass dat am Fong elo nach eng kleng demokratesch Finesse ass, déi an der Reglements-kommissioun muss geregelt ginn. Da sinn ech och zefrid-den. An ech mengen, ech wäert dann och versprechen, mech dann awer och ganz strikt un dat Reglement ze halen.

» Une voix. - Oh là là!

» M. le Président. - Merci, Här Gibéryen. Oh, Pardon! Här Jaerling!

(Hilarité)

Wat d'Suerg vun der Madame Flesch ube-laangt, datt d'Regierung och Kenntnis huet vun deem, wéi eist Reglement heibannen ausgesäit, dat kann ech verstoen. Mä ech denken, datt d'Suerg awer net berechtigt ass, well mir publizéiere jo elo eist Regle-ment am Mémorial. A vu datt ech dovun ausginn, datt d'Regierung och periodesch de Mémorial consultéiert, wäert se net nëm-men d'Neierunge matkréien, déi mer hei agefouert hunn, mä och vläicht déi aner Dis-positionen nach eng Kéier duerchliesen, wann déi eng oder déi aner sollten a Ver-giess gerede sinn.

» Une voix. - Et hätt scho bal drastoe kënnen?

» M. Ben Fayot (LSAP). - Mir hu jo e Secrétaire d'État aux relations avec le Parle-ment. Dee kann dat jo maachen.

» M. le Président. - Dat ass scho ge-schitt.



## Sommaire des séances publiques

Communications pages 264-265

5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1<sup>er</sup> de la Constitution  
5673 - Proposition de révision portant création d'un article 32bis nouveau de la Constitution page 265

Rôle des affaires page 265

Ordre du jour page 265

Dépôt d'une proposition de loi page 265

Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen pages 265-266

5616 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement spécialisés et portant  
- modification de la loi modifiée du 20 décembre 2002 relative aux organismes de placement collectif  
- modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée pages 266-268

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°153 du 13 février 2007 de Madame Nancy Arendt relative à la lutte antitabac, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé page 268

- Question N°154 du 24 octobre 2006 de Madame Colette Flesch relative à l'accouchement anonyme, adressée à la Ministre de la Famille et de l'Intégration pages 268-269

- Question N°155 du 12 février 2007 de Monsieur Roger Negri relative à la sécurité des tunnels des autoroutes en général et plus particulièrement à l'aménagement d'une plate-forme d'atterrissage pour hélicoptères au «Markusberg», adressée à Monsieur le Ministre des Travaux publics page 269

- Question N°157 du 12 février 2007 de Monsieur Ben Fayot relative aux Conseils «Énergie» et «Environnement» du 15 respectivement 20 février 2007 et plus particulièrement sur les divergences qui existent entre les États membres sur les objectifs à atteindre jusqu'en 2020, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur page 269

- Question N°159 du 13 février 2007 de Monsieur Henri Kox relative à la position du Luxembourg lors du prochain Conseil des Ministres de l'Énergie, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur pages 269-270

- Question N°156 du 12 février 2007 de Monsieur Claude Adam relative à l'arrêt prononcé par la Cour administrative sur la relation de travail qui existe entre un chargé d'éducation et l'État, adressée à la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle page 270

- Question N°158 du 12 février 2007 de Monsieur Xavier Bettel relative aux cotisations sociales des coopérants, adressée à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi pages 270-271

- Question N°160 du 12 février 2007 de Madame Anne Brasseur relative à l'ouverture de nouveaux bâtiments abritant les Archives nationales, adressée à Monsieur le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et à Monsieur le Ministre des Travaux publics page 271

- Question N°161 du 13 février de Monsieur Claude Meisch relative au Pacte «Logement», adressée à Monsieur le Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement page 271

5522 - Projet de loi portant réglementation de la fouille de véhicules pages 271-274

Question avec débat N°13 de M. Charles Goerens relative au siège du Parlement européen à Strasbourg pages 274-275

5609 - Projet de loi portant approbation  
- de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Cornmunauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;  
- de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;  
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États mem-bres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;  
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides finan-cières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dis-positions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006 pages 275-281

5593 - Projet de loi portant  
1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;  
2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation pages 281-287

5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés pages 287-289

Dépôt d'une motion page 289

» Une voix.- Ah!

» M. le Président.- Voilà! Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert déi Proposi-tiounen, déi deen honorabelen Här Gibéryen eis virgedroen huet. De Vote fänkt un.

**Vote sur l'ensemble des propositions de modification du règlement de la Cham-bre des Députés et dispense du second vote constitutionnel**

D'Modifikatioune si mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Laurent Mosar.

## 4. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

» M. Laurent Mosar (CSV).- Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz kuerz, well et ass Opbrochstëmmung an dë-sem Haus; déi wëll ech net ophalen. Ech wollt just hei ganz kuerz eng Motioun depo-néieren, déi vun alle Fraktiounen an och vum Groupe technique vun der ADR ënner-schriwwé ginn ass, iwwer e weltwäite Mora-toire fir d'Doudesstrof. Et ass eng Initiativ, déi vum Europaparlament geholl ginn ass, an ech fanne mir sollen eis där Initiativ als Chamber uschléissen.

**Motion**

La Chambre des Députés,

considérant:

- que la peine de mort constitue un châti-ment cruel et inhumain ainsi qu'une violation inadmissible du droit à la vie;

- que le respect de la vie humaine est une valeur fondamentale de l'Union européenne et de notre démocratie comme en témoigne l'article 18 de notre Constitution qui interdit formellement tout rétablissement de cette peine au Luxembourg;

- que l'Union européenne s'est investie aux côtés de ses États membres dans la promo-tion de l'abolition de la sanction capitale partout dans le monde;

- qu'à cet effet, le Conseil de l'Union euro-péenne a adopté en juin 1998 une série d'orientations politiques à l'égard des pays tiers en ce qui concerne la peine de mort;

- que c'est dans le cadre de ces orienta-tions que l'Union européenne entreprend régulièrement, en collaboration étroite avec la société civile ou encore les instances in-ternationales telles que les Nations Unies, des démarches auprès des États qui conti-nuent à appliquer la peine de mort afin de les encourager à l'abolir ou, à défaut, à ob-server un moratoire;

- qu'à cet égard, il échet de citer sa récente déclaration sur la peine de mort faite à l'As-semblée générale des Nations Unies en date du 19 décembre 2006 signée par 85 pays appartenant à tous les groupes géo-graphiques;

- que l'Union européenne vient de rappeler son opposition active à la peine capitale à l'occasion du troisième congrès mondial contre la peine de mort qui s'est tenu à Pa-ris du 1<sup>er</sup> au 3 février 2007, congrès au cours duquel notre Ministre des Affaires étran-gères, Monsieur Jean Asselborn, a rappelé combien il était important d'œuvrer à tous les niveaux et dans toutes les enceintes pour l'abolition de la peine de mort;

- que lors de ce congrès, le Parlement euro-péen, fervent défenseur des droits de l'Homme, vient d'adopter une résolution sur l'initiative en faveur d'un moratoire universel sur la peine de mort dans lequel il demande aux États membres entre autres de tout mettre en œuvre, politiquement et diplomati-quement, pour assurer le succès de ladite résolution au sein de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- que dans ce contexte, il échet encore de noter que le Gouvernement italien soutenu par le Conseil de l'Union, la Commission et le Conseil de l'Europe et profitant de son mandat auprès du Conseil de Sécurité de l'ONU en tant que membre non permanent, œuvre pour que la question du moratoire sur la peine de mort soit inscrite à l'ordre du jour de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- que si ces dernières années, notamment grâce aux efforts déployés tant par les as-sociations de défense des droits de l'Homme que par les organisations et orga-nismes internationaux, voire par les nom-breuses autorités étatiques, de plus en plus de pays ont renoncé à la peine de mort ou sont en voie d'abolir cette sanction dégra-dante, le combat contre la peine de mort est loin d'être gagné;

- qu'en effet, les condamnations à mort et leur exécution sont encore bien trop fré-quentes et nombreuses, la condamnation à mort par la Libye de cinq infirmières bul-gares et d'un médecin palestinien est un exemple parmi tant d'autres;

- que par ailleurs, dans plusieurs États abo-litionnistes le débat sur un éventuel rétablis-sement de la peine de mort resurgit;

- qu'il est dès lors urgent d'intervenir par tous les moyens et à tous les niveaux pour enrayer cette culture de la mort;

invite le Gouvernement

- à tout entreprendre tant au niveau politique que diplomatique pour que la résolution du Parlement européen sur l'initiative en faveur d'un moratoire universel sur la peine de mort du 1<sup>er</sup> février 2007 soit un succès au sein de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- à aborder avec les pays qui continuent à appliquer la peine de mort ou qui entendent la réintroduire la question de l'abolition de celle-ci ou, à défaut, d'un éventuel mora-toire dans le cadre de relations bilatérales d'ordre diplomatique, politique, écono-mique, culturel ou autre;

- à promouvoir en tout état de cause dans tous les forums nationaux, régionaux et in-ternationaux la suppression de l'exécution capitale ou de sa suspension, et à veiller à ce que les questions y afférentes soient por-tées à l'attention du public le plus large pos-sible.

(s.) Laurent Mosar, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Charles Goerens, Viviane Loschetter.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Mir huelen d'Mo-tioun mat an d'Conférence des Présidents a kucken, wéini datt mer se op den Ordre du jour setzen.

**(Interruption)**

Mer kënnen se direkt ofstëmmen?

» Une voix.- Par main levée!

» M. le Président.- Par main levée kë-nne mer se ofstëmmen.

**Vote**

Voilà! Ech gesinn, datt d'Motioun unanime ugeholl ass.

Voilà! Mir sinn um Enn vun der Sitzung ukomm. Fir déi nächst Sitzung gitt Der schrëftlech convoquéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.22 heures)**